
SIDEC

**SYNDICAT INTERCOMMUNAL POUR LA GESTION DES DÉCHETS**

Am Hierscht 2020 huet de SIDEC an all senge Member-Gemengen, zousätzlech zu de bestoende Sammlunge vu Pabeier/Kartong a geméschtem Hausmüll, eng Sammlung fir Biomüll an Huelglas doheem iwwert zweeriedreg Dreckskëschten erméiglecht. Dës zousätzlech Offer un Dreckskëschten huet mat sech bruecht, dass d'Verdeelung vun den insgesamt 169'184 Dreckskëschten an all de Member-Gemenge wéi follgend ausgesäit:




De SIDEC huet, wéi aner Secteuren och, mat de verschiddene Präisdeierechten aus de leschte Joren ze kämpfen, esou dass et net méi méiglech ass mat der Tarifikatioun, wéi se 2015 decidéiert ginn ass, déi lafend Käschte vun der Haus zu Haus Sammlung ze decken.

Dofir informéiert de SIDEC, dass ab dem 1. Juli 2024 nei Tariffer zur Sammlung vum geméschten Hausmüll doheem an der groer Dreckskëscht gëllen.

|  | Dreckskëscht | 60 Liter | 80 Liter | 120 Liter | 180 Liter | 240 Liter | 360 Liter | 80 Liter (SIDEC Tut) |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | Fix Käschte pro Joer (€) | 137,60 | 169,60 | 235,20 | 324,80 | 392,00 | 531,20 | - |
| | Käschte pro Eidelmaachen (€) | 2,77 | 3,42 | 4,75 | 6,24 | 7,92 | 10,69 | 10,00 |

D'Tariffer fir déi separat Sammlung an der bloer Dreckskëscht (Pabeier/Kartong), grénger Dreckskëscht (Huellglas) a bronger Dreckskëscht (Biomüll) bleiwe jeeweils gratis fir follgend Volumen:

| Dreckskëscht | | Gratis pro Joer |
|---|---|---|
|  | Blo<br>(Pabeier/Kartong) | 1 mol 120 Liter Dreckskëscht<br>Oder<br>1 mol 240 Liter Dreckskëscht |
|  | Gréng<br>(Huelglas) | 1 mol 120 Liter Dreckskëscht |
|  | Brong<br>(Biomüll) | 1 mol 60 Liter (méiglech Dreckskëschten sinn 60 Liter, 120 Liter oder 240 Liter) |

Bei zousätzlechen Dreckskëschte fir déi separat Sammlung vu Pabeier/Kartong an Huelglas oder zousätzlechem Volume fir de Biomüll fale follgend Käschten un:

| Dreckskëscht | Tarif |
|---|---|
| Blo<br>(Pabeier/Kartong) | 120L Dreckskëscht: 12,00 € fir ee Joer,<br>240L Dreckskëscht: 24,00 € fir ee Joer |
| Gréng (Huelglas) | 120L Dreckskëscht: 17,04 € fir ee Joer |
| Brong (Biomüll) | 0.038€ pro Liter zousätzliche Volume pro Eidelmaachen |



Weider Detailer sinn ze fannen am jeeweilegen « Règlement communal relatif à la gestion des déchets assurée par le Syndicat intercommunal pour la gestion des déchets ménagers du nord et du centre, en abrégé SIDEC » dat vun der Gemeng publizéiert ass.